



Eppelduerf, 15. Mee 2017

Léif Jugendveräiner,

mir vun der Eppelduerfer Jugend ersetzen eist Logo während dem ganze Mount Juni duerch eng Versioun mat de Faarwe vum LGBT* Reeboufändel. Domat welle mir aktiv en Zeeche setzen an LGBT*-Leit (lesbesch, schwul, bisexuell, transgender an aner) ënnert eise Membere wëllkomm heeschen.

Fir dës Leit ass et längst nach net selbstverständlech an der Gesellschaft Akzeptanz ze fannen. Vill vun hinnen zerbruechen un Ausgrenzung, der Homo-, Trans- oder Queerphobie oder der Angscht do virdrun. Mir gesinn et als Aufgab vun all Jugendveräin, jonke Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi et schwéier hunn, hier Platz an der Gesellschaft ze fannen.

Elleng wäerte mir do awer kee groussen Ënnerscheet maache kennen. Dofir froe mir iech em Ënnerstëtzung an dëser Saach. Stellt och dir äert Logo am Juni em. Et wier déi éischte Kéier, dass sech Jugendveräiner aktiv ëffentlech fir dëst Thema ausschwätzen.

Mir hunn fir dës Aktioun d' Websäit www.pride.lu ageriicht, mat weideren Erklärungen an de Veräiner, déi sech doru bedeelegen. Begleedent zu der Ëmstellung vum Logo kann dës Säit am Post oder Bild verlinkt ginn, fir d'Leit weider opzklären. Wann néideg ënnerstëtze mir iech gären dobäi, äre Logo an d'LGBT* Faarwen ze setzen.

Fir all Fro a Reaktioun si mir iwwer d'Email Adress contact@eppelduerferjugend.lu an iwwert de Facebook Messenger (m.me/eppelduerferjugend) z'erreechen. Mir freeën eis op all Feedback.

Fir d'Eppelduerfer Jugend,

Fränz Friederes
President



Eppelduerfer Jugend Asbl
Rullewee 5
L-9365 Eppeldorf

contact@eppelduerferjugend.lu
www.eppelduerferjugend.lu
fb.com/eppelduerferjugend

IBAN LU13 0019 4655 5279 4000
BIC BCEELULL
RCSL F0010506